



UNIVERSITY OF LUXEMBOURG
Department of Social Sciences

Centre for Childhood and
Youth Research



Young People and Covid-19 II: Entwécklungen 2020 bis 2021, Impfbereetschaft an Auswierkunge vun der Pandemie

Virleefeg Resultater vun enger
representativer Ëmfro bei
Jugendlechen a jonken
Erwuessenen zu Lëtzebuerg

Auteur*inne Lea Schomaker
Caroline Residori
Roger Fernandez-Urbano
Robin Samuel



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

De Projet „YAC – Young People and COVID-19: Social, Economic, and Health Consequences of Infection Prevention and Control Measures among Young People in Luxembourg“ gëtt finanziell ënnerstëtzt duerch d'Universitéit Lëtzebuerg, de Ministère fir Bildung, Kanner a Jugend an de Fonds National de la Recherche (Grant 14720458 – YAC). YAC ass Deel vum Daachprojet YAC+, deen niewent YAC och eng qualitativ Etüd zu COVID-19 ëmfaasst. Den Daachprojet YAC+ gëtt finanziell ënnerstëtzt duerch d'Universitéit Lëtzebuerg an de Ministère fir Bildung, Kanner a Jugend.

D'Auteur*inne bedanke sech bei de folgende Persounen an Institutiounen häerzlech fir hir wäertvoll Kommentaren an hir Ënnerstëtzung:

Nathalie Keipes, Josepha Nell, Conny Roob a Laurent Bauler vun der Direction générale du Secteur de la Jeunesse esou wéi Elisa Mazzucato a Senad Karavdic vum Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation Pédagogiques et Technologiques vum Ministère fir Bildung, Kanner a Jugend an de Fonds National de la Recherche;

Nico Majerus, Pierre Trausch, Pierrette Weisgerber a Walter Fronville vum Centre des Technologies de l'Information de l'Etat;

Bechara Ziadé a Katharina Pucher vum Service épidémiologie et statistiques vun der Direction de la Santé a vum Ministère de la Santé.

Hamid Bulut, Carolina Catunda, Simone Charles, Andreas Heinen, Andreas Heinz, Moritz Höpner, Christiane Meyers, Alessandro Procopio, Anette Schumacher, Maria E. Sozio, an Helmut Willems vum Centre for Childhood and Youth Research vun der Universitéit Lëtzebuerg an hirer studentischer Hëllefskraaft Marielle Baumgarten;

Jörn Marx a sengem Team vun T&I Portfolios GmbH;

An alle Jugendlechen a jonken Erwuessenen, déi de Questionnaire getest hunn oder un der Ëmfro deelgeholl hunn, esou wéi den Elteren, déi d'Jugendlecher bei der Participatioun ënnerstëtzt hunn.

Déi an dësem Rapport duergestallten Analysen an Interpretatioune sinn déijéineg vun den Auteur*innen an entsprechen net onbedéngt den Astellunge vun de Persounen, déi kommentéiert hunn, oder vun den Institutiounen, déi finanzéieren oder anerwäerts bedeelegt sinn.

Zitéierungspropositioun:

Schomaker, Lea; Residori, Caroline; Fernandez-Urbano, Roger; Samuel, Robin (2021): Young People and Covid-19 II: Entwécklungen 2020 bis 2021, Impfbereetschaft an Auswierkunge vun der Pandemie. Virleefeg Resultater vun enger representativer Ëmfro bei Jugendlechen a jonken Erwuessenen zu Lëtzebuerg. Universitéit Lëtzebuerg: Esch-sur-Alzette.

DOI: 10.17605/OSF.IO/WXKUJ

Inhaltsverzeechnis

| | |
|--|----|
| Aleedung an Démarche..... | 3 |
| Bewälteung vun der aktueller Situatioun a Besuergtheet wéinst COVID-19 | 4 |
| Befollegen vun de Moosnamen | 6 |
| Bewäertung vun de Moosnamen | 7 |
| Impfstatus an Impfbereetschaft | 8 |
| Grënn fir (feelend) Impfbereetschaft | 10 |
| Empfonnten Auswierkunge vun der COVID-19-Pandemie..... | 12 |
| Resümee..... | 16 |
| Fazit..... | 18 |
| Literatur | 19 |

Aleedung an Démarche

Säit dem Fréijoer erlieft Lëtzebuerg d'Ausmoossen vun enger weltwäiter Pandemie, déi duerch de SARS-CoV-2-Virus ausgeléist goufen. D'COVID-19-Pandemie verleeft no wellenaartege Musteren, déi duerch verschidde Facteuren wéi Zuel u Kontakter, Virusvarianten, Moosnamen an Impfung beaflosst ginn. Trotz kuerzen téschenzäitleche Berouegunge vun der Lag an der Entwécklung vu verschiddenen Impfstoffer, ass d'Situatioun duerch d'Opkomme vu verschiddene Virusvarianten – virun allem der Delta-Variant a säit Kuerzem och der Omicron-Variant (Katella, 2021; World Health Organization, 2021b, 2021b) – weider seriö (Eurofound, 2021). Fir d'COVID-19-Pandemie anzedämmen, an eng Iwwerlaaschtung vum Gesondheetssystem ze evitéieren, goufe säit Fréijoer 2020 ëmmer erëm Moosnamen ergraff oder verlängert, wéi zum Beispill Kontaktbeschränkungen, Ausgangsbeschränkungen a Hygiène-Veruerdnungen. Dës Moosnamen tangéieren a besonneschem Mooss den Alldag vu jonke Mënschen. De sozialen Austausch mat Frënn, Bildungs- a Léierexperienzen an d'Méiglechkeet, sech auszeprobéieren, sinn zentral fir d'Entwécklung vu jonke Mënschen. De Rapport Young People and COVID-19¹ vum vergaangene Joer huet gewisen, datt d'Zoumaachen an den ageschränkten Zougang zu Institutiounen een zum Deel groussen Afloss op d'Wuelbefannen, d'Verhalen, mee och op d'Léieren an d'berufflech Entwécklung vu jonke Mënschen hat (Residori et al., 2020). Den

aktuelle Rapport stellt eng Fortsetzung vun deem Rapport op der Grondlag vun de virleefegen Donnéeën vun der YAC 2021 Erhiewung² (Residori et al., 2021) duer, an analyséiert, wéi jonk Mënschen d'Pandemie, déi ergraffe Moosnamen an d'COVID-19-Impfung bewäerten. Et ass noutwenneg, d'Situatioun vun de jonke Mënschen an hir Reaktioun op d'COVID-19-Pandemie net nëmmen op kuerz, mee och op mëttel- a laangfristeg Siicht ze observéieren an ze erfuerschen, well sech e puer Konsequenze vun der Pandemie méiglecherweis eréischt no méi laanger Zäit astelle wäerten.

YAC-Ëmfro 2021 – virleefeg Donnéeën

Befroten: Awunner zu Lëtzebuerg (no RNPP)

Alter vun de Befroten: 12-29 Joer

Unzuel vun de Befroten: 2 986

Zäitraum: 9. Aug. bis 22. Sept. 2021

Kontaktopnam: per Bréif

Ëmfro: Onlinequestionnaire

D'Zil vun der YAC-Etüd vun der Universitét Lëtzebuerg ass et, d'Situatioun vun de jonke Mënschen am Alter vun 12 bis 29 Joer zu Lëtzebuerg während der Pandemie, ëmfaassend an iwwer e puer Moospunkten (2020, 2021, 2024) eraus, duerstellen. D'Auswiel vun de befrote Persounen ass duerch eng ponderéiert Zoufallsstéchprouf aus dem Nationale Register vun natierleche Persounen (RNPP) erfollegt. Déi ausgewielte Persoune goufe per Bréif invitéiert, un enger Onlineëmfro deelzehuelen. D'Ëmfro ass den 9. August 2021 ugaangen a gouf den 19. Oktober 2021 ofgeschloss. Fir méiglechst séier Resultater zur Verfügung

¹ Disponibel ënner <https://www.jugend-in-luxemburg.lu/yac-plus/>

² Disponibel ënner <https://www.jugend-in-luxemburg.lu/yac-plus/>

stellen ze kënnen, gouf mat de Participant*innen, déi de Questionnaire bis den 22. September 2021 vollstänneg ausgefëllt haten, e virleefegen Datasatz erstallt³. D'Participant*inne goufen no Geschlecht, Alter a Wunngemeng ponderéiert, fir déi 12- bis 29-järeg Bevëlkerung, déi zu Lëtzebuerg wunnt, ze representéieren.

Den aktuelle Rapport beschreift op der Basis vun dese virleefegen Donnéeën, wéi jonk Mënschen⁴ zu Lëtzebuerg d'Situatioun insgesamt bewältegen, wéi besuergt si wéinst COVID-19 sinn, mee och, wéi jonk Mënschen zu Lëtzebuerg d'Moosnamen fir d'Bekämpfung vun der COVID-19-Pandemie bewäerten. Ausserdeem sollen an der aktueller Ausgab d'Astellung vu jonke Mënschen zu Lëtzebuerg zu COVID-19-Impfungen an den Auswierkunge vun der COVID-19-Pandemie an den domat verbundene Moosnamen op verschidde Liewensberäicher, wéi z.B. mental Gesondheet, d'Zesummeliewe mat der Famill oder d'schoulesch Leeschtungen, presentéiert ginn. D'Resultater ginn – esouwäit méiglech – mat de Resultater aus dem Rapport vum leschte Joer a Relatioun gesat, fir méiglech Verännerungen opzeweisen⁵. Weiderhi gi fir déi uewen ugefëiert Aspekter Zesummenhäng mat dem Geschlecht, Alter a Migratiounshannergrond esou wéi dem sozioekonomesche Status (SES) ënnersicht. Domat kënnen sozial Ongläichheeten am Ëmgang mat der COVID-

19-Pandemie an dem Bewältegen vun der Situatioun siichtbar gemaach ginn. Well d'Analys unhand vu virleefegen Donnéeën duerchgefëiert gouf, ginn nëmmen eendeiteg a statistesch héchst signifikant Ënnerscheeder bericht⁶. Weider Tabellen kënnen an engem zousätzlech publizéierten Tabelleband (Residori et al., 2021) agegi ginn. Zu engem spéideren Zäitpunkt ginn déi final Donnéeë verdéift analyséiert, fir méi komplex Zesummenhäng z'ënnersichen.

Den aktuelle Rapport hat zum Zil, déi virleefeg Dategrondlag ze beschreiwen an e puer zentral Resultater pregnant duerzestellen. Fir de Lieser*innen eng éischt Interpretatioun vun de Resultater ze erliichteren, goufen allerdéngs e puer Referenzetüden identifizéiert, déi änlech Froe behandelen. Fir d'Anuerdung vun den aktuelle Resultater am Verglach mat der Gesamtbevëlkerung zu Lëtzebuerg oder der Situatioun vu jonke Mënschen an anere Länner, verweise mir op national an international Etüden.

Bewältegung vun der aktueller Situatioun a Besuergtheet wéinst COVID-19

Wéi schonn am viregte Joer, goufen an der aktueller YAC 2021 Ëmfro, jonk Mënschen zu Lëtzebuerg zu hirem Ëmgang mat der COVID-19-Pandemie befragt, an et gouf erhuewen, wéi besuergt si opgrond vun der pandemescher

³ D'YAC 2021 Erhiewung huet domat zu engem änlechen Zäitpunkt stattfonnt wéi d'YAC 2020 Erhiewung (Residori et al., 2020). Dësen Zäitkader sollt bei der Interpretatioun vun de Resultater ëmmer a Betruecht gezu ginn, well déi pandemesch Lag an de Summerméint 2020 an 2021 vergläichsweis roueg war (World Health Organization, 2021a) an am Summer 2021 en ëmmer méi groussen Deel vun der Bevëlkerung d'COVID-19-Impfung konnt kréien.

⁴ Wann am aktueller Rapport vu „jonke Mënsche“ geschwat gëtt, ass an der Reegel de Befroegegrupp vun den 12- bis 29-

Järege gemengt. Sollt Bezuch op spezifesch Altersgruppe geholl ginn, sou gëtt dëst däitlech markéiert.

⁵ D'Resultater aus deene béiden Erhiewungen kënnen verglach ginn, well d'Moosname fir d'Bekämpfung vun der COVID-19-Pandemie, déi an deene jeeweiligen Erhiewungszäitram ergraff goufen, ganz änlech waren, an duerch d'WHO op dem „Public health and social measures severity index“ jeeweils als éischter wéineg streng agestuft ginn (World Health Organization, 2021a).

⁶ Dëst bedeit, datt nëmmen Resultater mat engem p-Wäert vu maximal 0,001 bericht ginn, esouwäit net anescht ginn.


Situatioun sinn. Am Duerchschnëtt ginn d'befrote Persounen un, änlech gutt mat der Pandemie an de Moosnamen ëmgoen ze kënnen wéi am Summer 2020 (Residori et al., 2020; Schomaker et al., 2020). Während 2021 den Duerchschnëtt bei 6,6 läit (op enger Skala vun 0 „net gutt“ bis 10 „ganz gutt“), sou louch en 2021 liicht driwwer bei 6,8. Dës Verännerung ass statistesch net signifikant. Dat bedeit, dass jonk Mënschen ee Joer méi spët, bei vergläichbar nidderege Fallzuelen a Moosnamen, weeder besser nach méi schlecht mat der pandemischer Situatioun zuwee kommen.

Jonk Mënschen bewältegen d'Pandemie ganz ënnerschiddlech, dobäi sinn d'Ënnerscheeder no Geschlecht, Migratiounsstatus an sozioekonomeschem Status (SES) – wéi schonn 2020 – statistesch signifikant a weisen déi selwecht Tendenzen: Esou gi beispillsweis weiblech Befroten (Duerchschnëtt 6,4) un, d'Pandemie e bësse manner gutt ze bewältege wéi männlech Befroten (Duerchschnëtt 6,8) (am Verglach 2020: Fraen 6,5, Männer 7,1). Esou verhält et sech och mat Migratiounsstatus⁷ an SES. Befrote mat Migratiounsstatus a Befrote mat nidderegem SES berichten, am Duerchschnëtt manner gutt mat der Pandemie zuwee ze kommen, wéi Befroten ouni Migratiounshannergrond a Befrote mat héijem SES. Ausserdeem weist sech an de YAC 2021 Donnéeën (Residori et al., 2021), dass en Zesammenhang mat dem Alter vun de Befrote besteet. Beim Verglach vun allen Altersklassen ënnerenaner, weist sech, dass déi méi jonk befrote Persounen am Duerchschnëtt berichten, e bësse besser mat der Pandemie

zuwee ze kommen, wéi eeler Befroten. Dëst Resultat war 2020 nach net statistesch signifikant. Heibäi gëllt et ze beuechten, dass sech d'Liewenssituatioune vu jonke Mënschen an deene verschiddeenen Altersgruppen meeschtens staark ënnerscheeden.

Ongefëier zwee Fënneftel vun de jonke Mënschen tëschen 12 an 29 Joer zu Lëtzebuerg sinn 2021 ganz oder zimmlech besuergt wéinst COVID-19 an den domat verbundene Verännerungen (Grafik 1). Dëst si manner wéi am Summer 2020, wéi mat ronn 54 % nach méi wéi d'Hallschent vun de befrote Persounen uginn huet, besuergt ze sinn. Gläichzäiteg klëmmt den Undeel vun deenejéinegen, déi uginn, iwwerhaapt net oder net ganz besuergt ze sinn, vun 23 % am Joer 2020 op 30 % am Joer 2021. Et zeechent sech also insgesamt e Verschieben a Richtung manner Suergen of.

Grafik 1: Besuergtheet wéinst COVID-19 2020 an 2021, insgesamt, no Geschlecht an no SES



⁷ Residori et al. (2021)

D'Tendenz, sech aktuell manner Suergen ze maache wéi nach 2020, fanne mir fir jonk Mënschen vu béide Geschlechter, aus allen Altersgruppen, mat oder ouni Migratiounshannergrond a mat ënnerschiddlechem sozioekonomeschem Status.

Obwuel sech d'Ausmooss vun de Suergen insgesamt verréngert, gëtt et 2021 wéi schonn 2020 statistesch signifikant Ënnerscheeder no Geschlecht, Alter an SES. Den Undeel u weibleche Befroten, deen ugëtt, ganz oder zimmlech besuergt ze sinn, läit bei 43 %. Fir männlech Befrote läit dësen Undeel bei 35 % (Grafik 1). Jonk Erwuessener si méi staark wéinst der Pandemie besuergt wéi Jugendlecher. Den Undeel vun den 12- bis 14-Järegen, déi aussoen, ganz oder zimmlech besuergt ze sinn, läit bei ronn 28 % (2020: 46 %). Fir déi 27- bis 29-Järeg läit dësen Undeel bei 44 % (2020: 61 %) a si sinn domat – wéi schonn am viregte Joer – deen Altersgrupp mat de meeschte Suergen (kuckt Residori et al., 2021).


Befrote mat dem héchsten SES maache mat 38 % dee geréngsten Undeel vun deenejéinegen aus, déi ganz oder zimmlech besuergt sinn wéinst der COVID-19-Pandemie. Deem géintiwier weise mat 43 % d'Befrote mat nidderegem SES den héchsten Undeel op (Grafik1).

Befollegen vun de Moosnamen

Am zweete Summer vun der Pandemie gi 66,6 % vun de jonke Mënschen zu Lëtzebuerg un, datt et hinne (ganz) liicht fält, d'Moosname fir d'Andämmen vun der Pandemie an dem

Schutz géint COVID-19⁸ ze befollegen. En Deel vun de jonke Mënschen huet allerdéngs am Verglach zu 2020 ëmmer méi Problemer, d'Moosnamen ze befollegen. Grafik 2 mécht däitlech, datt de prozentualen Undeel vun deenejéinegen, déi d'Befollegen vun de Moosnamen als ganz liicht empfangen, am Verglach zum viregte Joer ëm ronn 10 Prozentpunkten ofgehall huet. Gläichzäiteg huet den Undeel vun deenejéinegen, deenen et (ganz) schwéier fält, ëm ongeféier 6 Prozentpunkten zougehall.

Grafik 2: Liichtegkeet vun dem Befollegen vun de Moosname géint Covid-19



Während sech keng statistesch signifikant Ënnerscheeder tëschent de Geschlechter weisen, fanne mir awer Altersënnerscheeder. Deemno fält et, am Verglach vun allen Altersklassen, deene méi jonke Befroten am Summer 2021, am Géigesaz zum viregte Joer, méi heefeg ganz liicht, d'Moosnamen ze befollegen. Am Verglach zu 2020 verspieren dogéint däitlech méi 21- bis 29-Järeg Schwierigkeeten, d'COVID-19-Oplagen ze befollegen.

Wéi schonn 2020 (Schomaker et al., 2020), weist sech 2021 ausserdeem, datt jonk

⁸ Ze beuechten ass heibäi, datt zum Zäitpunkt vun der Ëmfro am August a September 2021 d'Moosname fir d'Andämmen vun der Pandemie ëmmer méi gelackert


goufen, Impfung fir all befroten Altersgruppen zougänglech waren an d'Infektiounslag insgesamt niddereg war (World Health Organization, 2021a).

Mënsche mat nidderegem sozio-ekonomeschem Status (SES) méi heefeg uginn, datt et hinne (ganz) schwéier fält, d'Moosnamen ze befollegen.

Bewäertung vun de Moosnamen

An der YAC 2021 Erhiewung gëtt ongeféier en Zéngtel (11,9%) vun de 16- bis 29-Järegen⁹ un, d'Moosnamen (éischter) net streng oder ëmfangräich genuch ze fannen, 2020 louch dësen Undeel nach bei ongeféier engem Véierel vun de befrote Persounen (24,4 %) a verzechent domat eng statistesch signifikant Baisse (Grafik 3).

Grafik 3: Bewäertung vun de Moosname géint Covid-19 2020 an 2021




Gläichzäiteg ass den Undeel vun de jonke Mënschen zu Lëtzebuerg, deen ugëtt, d'Moosnamen zum Zäitpunkt vun der Erhiewung (éischter) iwwerdriwwen ze fannen, vu ronn 12 % am Joer 2020 op ronn 26 % am Joer 2021 eropgaangen (Grafik 3). D'Meerzal vun de jonken Erwuessenen (62,2%) gëtt awer weiderhin un, d'Moosname gerechtfäerdeg oder ugemieess ze fannen. Dësen Undeel

entspéicht ongeféier dem Undeel aus der YAC Erhiewung 2020 (Schomaker et al., 2020).

An enger Jugendmfro aus Rheinland-Pfalz an Däitschland aus dem Fréijoer 2021 weist sech, datt déi befrote 14- bis 27-Järeg d'pandemiebedéngte Moosnamen nëmmen zu ongeféier 27 % als ugemieess empfangen. Ronn 35 % ginn un, d'Moosnamen net ëmfangräich genuch ze fannen, 28 % soen aus, d'Moosname géingen ze wäit an 10% maache keng Angab (Dittmann et al., 2021). Dëst stellt fir d'éischt e Kontrast zu de Verdeelungen aus der aktueller Enquête duer. Et ass awer ze beuechten, datt d'YAC 2021 Donnéeën ongeféier 4 Méint méi spéit an de Summerméint 2021 erhewe goufen an ausserdeem en erweiderten Altersgrupp ëmfaassen. Zu dësem Zäitpunkt hat sech d'pandemesch Lag

Grafik 4: Bewäertung vun de Moosname géint Covid-19 2020 an 2021, no Geschlecht



insgesamt gebessert, d'Impfquote ware weider geklommen an d'Restriktiounen goufe gelackert. Wéi schonn 2020 hu männlech a weiblech Befroten d'COVID-19-Moosnamen ënnerschiddlech bewäert (Grafik 4). Männlech

⁹ Fir d'Donnéeë mat der YAC 2020 Erhiewung vergläichbar ze maachen, gëtt hei nëmmen op déi 16- bis 29-järeg Befrote gekuckt. D'YAC 2021 Erhiewung hat dës Fro awer

den 12- bis 29-Järeg gestallt. Kuckt och: Residori et al. (2021).

Befrote ginn deemno mat ronn 28,5 % méi heefeg un, d'Moosnamen (éischter) iwwerdriwwen ze fanne wéi weiblech Befrote mat ongeféier 23,4 %. Op Grondlag vun den virleefegen Donnéeën kënnen bis elo keng statistesch signifikant Ënnerscheeder no Alter, Migratiounshannergrond oder sozioekonomeschem Status (SES) bei der Bewäertung vun de Moosname géint COVID-19 festgestallt ginn.

Impfstatus an Impfbereetschaft

Eng Rei vun Impfstoffer gëtt méttlerweil vu Regierungen, Institutionen an der Wëssenschaft als wierksame Schutz géint e schwéiere Verlaf vun enger COVID-19-Erkrankung unerkannt (World Health Organization, 2021c). Doriwuer eraus gëllt d'méiglechst flächendeckend COVID-19-Impfung vun der Bevëlkerung als wesentleche Facteur fir d'kontinuéierlecht Andämmen vun der Pandemie, an d'Erhalen vun der Funktionsfäegkeet vun de Gesondheetssystemer, bei Lockerung vun de gesetzleche Moosnamen an dem Optriede vun neie Variante vum COVID-Virus (Katella, 2021; World Health Organization, 2021b, 2021b).

Nodeems am Ufank nëmmen déi eeler Altersklassen d'Méiglechkeet fir d'COVID-19-Impfung haten, konnte sech déi 18- bis 54-Järeg ab Mee 2021 impfe loossen, an dunn déi 12- bis 17-Järeg säit Ufank Juli 2021. Dës Altersgruppen goufen zu Lëtzebuerg an der Reiefolleg vun der medezinescher Drénglechkeet an déi Eeler virun de Jonken vum Gesondheitsamt invitéiert, sech gratis an de lokalen Impfzentren géint COVID-19 impfen ze loossen. (Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg, 2021; Le


Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg - Ministère de la Santé, 2021).

Am Folgende gëtt diskutéiert, a wat fir engem Mooss jonk Mënschen d'Méiglechkeet fir d'COVID-19-Impfung ugeholl hunn a wéi et ëm d'Impfbereetschaft vun de jonke Mënsche steet, déi sech bis elo net hunn impfe loossen. Ausserdeem gëtt ënnersicht, wat fir Grënn déi jonk Mënschen dozou beweegen, sech (net) impfen ze loossen.

Mëtt September 2021 louch den Undeel vun der Bevëlkerung zu Lëtzebuerg, dee vollstänneg geimpft war, no dem European Centre for Disease Prevention and Control (ECDC) bei 26,5 % fir déi 10- bis 14-Järeg, bei 54,7 % fir déi 15- bis 17-Järeg a bei 57,3 % fir déi 18- bis 24-Järeg (European Centre for Disease Prevention and Control, 2021). Ënner de Befrote vun der YAC 2021 Etüd läit den Undeel u jonke Mënschen, déi tëschent August a September 2021 uginn, geimpft ze sinn, mat 74,7 % fir déi 12- bis 29-Järeg däitlech méi héich (Grafik 5 oder Residori et al., 2021). Dëst kéint op ee Bias (Verzerrung) zeréckzeféiere sinn, well Jugendlecher, déi un enger wëssenschaftlecher Etüd deelhuefen, warscheinlech éischter impfbereet sinn.

Den Undeel vun deenen, déi uginn geimpft ze sinn, geet esouwuel no dem European Centre for Disease Prevention and Control (2021) wéi och no eiser Etüd mat dem Alter erop. E bësse manner wéi dräi Fënneftel (56,3 %) vun de Jugendlechen tëschent 12 a 14 Joer an zwee Drëttel (67,2 %) vun de Jugendlechen tëschent 15 a 17 Joer ginn zum Beispill bei der YAC 2021 Erhiewung un, geimpft ze sinn. Bei den 27- bis 29-Järegen trëfft dëst op véier Fënneftel (80,9 %) zou (Residori et al., 2021). Dësen Ënnerscheid no Alter wäert sech an Zukunft

Grafik 5: Impfstatus an Impfbereitschaft vun den 12- bis 29-Järegen



viraussichtlich nach e wéineg reduzéieren, well en zum Deel op de spéideren Zougang vun der méi jonker Generatioun zu der Impfung zeréckzeféieren ass¹⁰. Ausserdeem ginn déi ongeimpften 12- bis 17-Järeg eng méi héich Impfbereitschaft un, wéi déi ongeimpften 18- bis 29-Järeg (nächst Säit oder Residori et al., 2021)

Beim Impfstatus kënne keng statistesch signifikant Ënnerscheeder no Geschlecht festgestallt ginn. Et weist sech awer, dass et e méi héijen Undeel un ongeimpfte Persounen ënner Befrote mat nidderegem sozioekonomeschen (SES) Status gëtt (32,6 % bzw. 32,0 %¹¹) wéi ënner Befrote mat héijem SES (16,8 % bzw. 24,1 %). Och fir jonk Mënsche mat Migratiounshannergrond (1. Generatioun 28,5 %, 2. Generatioun 29,7 %)

weise sech méi héich Undeeler vun Ongeimpften wéi bei jonke Mënschen ouni Migratiounshannergrond (16,2 %).

D'Grafik 5 weist, dass ongeféier 9 % vun den 12- bis 29-Järegen am August a September 2021 uginn, bis dohin ongeimpft ze sinn, mee dass si sech (ganz) warscheinlech impfe loosse wäerten. En änlechen Undeel vun de jonke Mënsche gëtt un, dass en ongeimpft ass an et (ganz) onwarscheinlech ass, dass e sech impfe loosse wäert. All 20. Befrote gëtt un, ongeimpft an nach onsécher am Hibleck op eng zukünfteg Impfung ze sinn.

Bei der Bereitschaft vun de bis elo Ongeimpften, sech impfen ze loosse, weisen sech marginal signifikant¹² Ënnerscheeder am Bezuch op Alter, Geschlecht a Migratiounshannergrond.

¹⁰An der Woch vum 28. Juni 2021 goufen déi éischt Invitatiounen fir d'Impfung géint de Coronavirus u Jugendlecher am Alter tëschent 12 a 17 Joer verschéckt, ugefaange mat den Eelsten. Eeler Altersgruppen hate scho virdrun Zougang zu de COVID-19-Impfungen (Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg (2021).

¹¹ Heibäi handelt et sech ëm déi eege finanziell Situatioun a déi familiär finanziell Situatioun. Kuckt och: Residori et al. (2021).

¹² Heibäi ass ze beuechten, dass d'Signifikanzniveaue fir d'Impfbereitschaft vun deene bis dohin Ongeimpften wéinst de gerénger Fallzuele manner streng gewielt gi sinn (p-value $\leq 0,05$) wéi am Rescht vum Rapport (p-value $\leq 0,001$).

Esou sinn ongeimpft Persounen ënner 18 Joer éischer bereet, sech impfen ze loossen, wéi ongeimpft Persounen am Alter vun 18 bis 29 Joer. Während zum Beispill bei den 12- bis 17-järegen Ongeimpften ongeféier 45 % eng Bereitschaft, sech impfen ze loossen, ugin, huet nëmme ronn een Drëttel vun den 21- bis 29-Järegen d'Absicht, sech impfen ze loossen. Eng méiglech Erklärung fir dës Altersënnerscheeder kéint sinn, dass duerch déi méi spéit Verfügbarkeet vun der Impfung fir déi 12- bis 17-Järeg d'Potenzial vun hirer Impfbereitschaft zum Zäitpunkt vun der Erhiewung nach net esou vollstänneg ausgeschöpft war, wéi déi vun den 18- bis 29-Järegen.


No dem Geschlecht¹³ betruecht, weisen sech statistesch signifikant Ënnerscheeder betreffend enger ganz warscheinlecher oder ganz onwarscheinlecher zukünftiger Impfung (Residori et al., 2021). Ongeimpfte Männer ginn am Verglach zu ongeimpfte Frae méi heefeg un, dass si sech ganz warscheinlech Impfe loosse wäerten. Dogéint ginn ongeimpfte Frae méi heefeg un, dass et ganz onwarscheinlech

ass, dass si sech impfe loosse wäerten oder dass si sech onsécher sinn. Dës Ënnerscheeder no Geschlecht goufen och fir Jugendlecher an Däitschland, Frankräich a Lëtzebuerg (d'Ambrosio et al., 2021) bestäetgt. Persoune mat Migratiounshannergrond¹⁴ (1. Generatioun 28,8 %, 2. Generatioun 20,3 %) gi méi heefeg un, dass si sech warscheinlech impfe loosse wäerten, wéi Persounen ouni Migratiounshannergrond (10,7%).

Grënn fir (feelend) Impfbereitschaft

Niewent dem Impfstatus an der Impfbereitschaft ginn am Folgenden d'Grënn, déi déi jonk Mënschen dozou beweegen, sech (net) impfen ze loossen, ugeféiert. Als Motiv fir eng schonn erfollegt COVID-19-Impfung goufe virun allem Grënn mat Bezuch op déi eege Persoun, wéi zum Beispill Selbstschutz, d'Hoffnung op méi Fräiheeten a séchert Reese genannt. Et goufen awer och Grënn mat Bezuch op aner Persounen, wéi zum Beispill d'Ënnerstëtzung vun der Gesellschaft am Kampf géint d'Pandemie oder de Schutz vun

Grafik 6: Grënn fir eng schon erfollegt Impfung, déi méi wéi 20 % vun de befroete Persounen uginn hunn



Umierkung: Méi ewéi eng Äntwert war méiglech

¹³ P-Wäert = 0,009

¹⁴ P-Wäert = 0,011

enger Persoun, déi engem nosteet, besonnesch heefeg ausgewielt.


D'Grafik 6 weist déi meescht genannte Grënn (duergestallt si Grënn, déi vu wéinstens 20 % vun de Befrote genannt ginn)¹⁵. D'Reiefolleg vun de meescht genannte Grënn, déi nach ongeimpft jonk Mënschen dofir uginn, sech (ganz) warscheinlech nach impfen ze loossen, ass bis op en Tosch vun de Plazen 1 an 2 identesch mat der Reiefolleg an der Grafik 6.

D'CoVaLux Etüd (Leist et al., 2021) identifizéiert eng änlech Reiefolleg vun de meescht genannte Grënn bei den 18- bis 79-Järege zu Lëtzebuerg. Allerdéngs gëtt d'Empfehlung vun der Regierung vun dësen Altersgruppen

däitlech manner heefeg als Grond fir eng Impfung uginn.

D'Grafik 7 illustréiert déi meescht genannte Grënn (méi wéi 20 %) vun de Befrote, déi ongeimpft sinn, an uginn, sech (ganz) warscheinlech net impfen ze loossen, esou wéi vun de Befrote, déi ongeimpft sinn an nach net wëssen, ob si sech impfe loosse wäerten¹⁶. Déi meeschte Grënn, déi méi wéi 20% vun de jonke Mënschen uginn, bezéie sech op d'Wierksamkeit an d'Sécherheet vum Impfstoff esou wéi d'Noutwennegkeet vun der Impfung. Dës Grënn goufen och vu jonken Nordamerikaner*innen an den Diskussionsronnen vun der Young Invincibles

Grafik 7: Grënn géint eng Impfung géint COVID-19 a fir Onsécherheet, déi méi wéi 20 % vun de befrote Persounen



Umierkung: Méi ewéi eng Äntwert war méiglech

¹⁵ D'Grënn, déi manner heefeg genannt ginn, sinn: Ech géif mäin/meng Liewespartner*in gäer schützen, deen/déi engem Risikogrupp ugehéiert (13,9 %), Mäin behandelnden Dokter huet mir dozou geroden (5,6 %), Mäin Employeur

empfeilt et (4,0 %), aner Grënn (6,7 %) (kuckt och: Residori et al., 2021).

¹⁶ Fir eng vollstänneg Iwwersiicht vun de Grënn géint eng COVID-19-Impfung, kuckt: Residori et al. (2021).


Etüd genannt (Hemlin et al., 2021). Doriwwer eraus gouf an der YAC 2021 Ëmfro heefeg d'Gefill, net genuch iwwer d'COVID-19-Impfung ze wëssen, uginn. Et weise sech heibäi keng kloer Ënnerscheeder vun de genannte Grënn no Geschlecht, Alter, Migratiounshannergrond oder sozioekonomeschen Status (SES)

Empfonnten Auswierkunge vun der COVID-19-Pandemie

An der YAC Etüd 2020 (Residori et al., 2020) gouf festgestallt, datt ongeféier 30% vun de jonke Mënschen negativ Auswierkungen, an ongeféier 25 % vun de jonke Mënsche positiv Auswierkunge vun de Moosname géint COVID-19 empfonnt hunn. Fir d'Auswierkunge vun der COVID-19-Pandemie an de Moosname méi detailléiert erfaassen ze kënnen, gouf de jonke Mënschen an der YAC

2021 Ëmfro d'Fro no den negativen a positiven Auswierkunge fir e puer getrennte Liewensberäicher gestallt. Héi gëtt esouwuel no Auswierkungen op hiert Liewen insgesamt, hir (psychesch) Gesondheet, d'finanziell Situatioun vun hirer Famill, d'Relatiounen zu Famill a Frënn, d'Zesummeliewen am Stot esou wéi hir Zukunftserwaardunge gefrot (Grafik 8). Insgesamt nenne jonk Mënschen zu Lëtzebuerg heefeg negativ Auswierkunge vun der COVID-19-Pandemie an de Moosnamen op hir mental Gesondheet (43,7 %) an hiert Liewen insgesamt (41,6 %). Dësen negativen Afloss vun der COVID-19-Pandemie op d'psychesch Gesondheet vun de jonke Mënsche bestätegen och Etüden aus der Belsch (Rens et al., 2021), Spuenien (Rodríguez-Rey et al., 2020) an Italien (Rossi et al., 2020).

Grafik 8: Empfonnten Auswierkunge vun der COVID-19-Pandemie an de Moosnamen



Umierkung: Méi ewéi eng Äntwert war méiglech

Positiv Auswirkungen von der COVID-19-Pandemie haben die jüngeren Menschen zu Lëtzebuerg am häufigsten am Besuch der Beziehung mit ihrer Familie an der Zusammenkunft am Stot empfunden. Rann 26 % bzw. 25 % von den jüngeren Menschen haben positiv Auswirkungen an diese Bereiche empfunden.


Die Dimensionen, die am wenigsten von der Pandemie an den Namen beeinflusst wurden (d. h. weder positiv noch negativ Auswirkungen), sind die finanzielle Situation der Familie (71,1%) und die Gesundheit (64,7 %).

Bei der Betrachtung der Auswirkungen der finanziellen Situation der Familie fällt auf, dass es einen bemerkenswerten Zusammenhang zwischen sozioökonomischem Status (SES) und den empfundenen Auswirkungen von COVID-19 auf die finanzielle Situation der Familie gibt. Personen mit niedrigerem SES zeigen eher negative Auswirkungen der Pandemie auf die finanzielle Situation ihrer Familie und (20,2 %), während Personen mit höherem SES eher positiv (31,5 %) oder keine Auswirkungen der Pandemie auf die finanzielle Situation ihrer Familie zeigen (Grafik 9).

Diese Beobachtungen können ein Hinweis für weitere Abwärtstendenzen von der finanziellen Lage zu schlechteren Gestalten und weiterem Zuzug von der finanziell besser Gestalteten während der Pandemie sein. Diese Erkenntnisse bestätigen die Ergebnisse des YAC-Berichts aus dem letzten Jahr, die zeigen, dass Befragte mit höherem SES eher positiv als Befragte mit niedrigerem SES in Bezug auf den individuellen bzw. den allgemeinen Zustand am Stot erlebt haben (Residori et al., 2020).


An anderen Lebensbereichen sind ähnlich, wenn auch ein bisschen weniger ausgeprägt, Unterschiede an den Auswirkungen nach SES beobachtet, d. h. an allen abgefragten Lebensbereichen der Befragten mit niedrigerem SES zeigen eher negative Auswirkungen und die Befragten mit höherem SES.

Grafik 9: Auswirkungen der COVID-19-Pandemie an den Namen auf die finanzielle Situation der Familie, nach SES



Die Altersgruppen erfahren die jüngeren Menschen die Auswirkungen unterschiedlich. In allen Lebensbereichen zeigen die jüngeren Befragten eher positive Auswirkungen, während die Befragten mit höherem SES eher negative Auswirkungen berichten (Grafik 10). Diese Unterschiede sind in allen Lebensbereichen statistisch signifikant, an der Grafik 10 exemplarisch für die Lage am Allgemeinen dargestellt.

Grafik 10: Auswierkung vum der COVID-19-Pandemie op d'Liewen am Allgemengen, no Altersgruppen




Ënnerscheeder tëschent de Geschlechter sinn dogéint bei den Auswierkung vum der Pandemie an de Moosnamen nëmmen an dräi Liewensberäicher z'observéieren: der Relatioun mat der Famill, dem Zesummeliewen am Stot an der mentaler Gesondheet. An dëse Beräicher gi weiblech Befrote méi heefeg wéi männlech Befroten un, negativ Auswierkungen z'observéieren, während männlech Befroten méi heefeg wéi weiblech Befroten uginn, weder positiv nach negativ Auswierkungen z'empfangen (Residori et al., 2021). Aner Etüde weisen och op dës Ënnerscheeder no Geschlecht am Beräich vum der mentaler Gesondheet hin (Rens et al., 2021; Rodriguez-Rey et al., 2020; Rossi et al., 2020).

De Migratiounshannergrond vun de jonke Mënschen beaflosst nëmmen d'Auswierkungen, déi si an de Beräicher „Relatioun zu Frënn“ an der finanzieller Situatioun vun der Famill empfangen, a statistesch signifikantem Mooss (Residori et al.,

2021). Esou ginn zum Beispill Befroten ouni Migratiounshannergrond méi heefeg wéi Befrote mat Migratiounshannergrond un, negativ Auswierkungen op d'Relatioun zu hire Frënn (37,6 %) z'empfangen (1. Generatioun: 32,2 %, 2. Generatioun: 30,0 %). Wat d'Auswierkungen op d'finanziell Situatioun vun der Famill ugeet, stelle sech dës Ënnerscheeder genee ëmgedréit duer: Persounen ouni Migratiounshannergrond (10,6 %) gi méi seele wéi Persoune mat Migratiounshannergrond (1. Generatioun: 19,0 %, 2. Generatioun: 16,9 %) un, negativ Auswierkungen op d'finanziell Situatioun vun hirer Famill ze empfangen.


Betruecht ee schliisslech, wéi sech d'COVID-19-Pandemie an d'Moosnamen fir se anzedämmen op d'schoulesch an/oder berufflech Leeschtunge vu jonke Mënschen ausgewierkt hunn, sou weise sech verschidde relevant Resultater (Grafik 11).

Grafik 11: Auswierkung vum der COVID-19-Pandemie an de Moosnamen op d'schoulesch Leeschtungen an d'Aarbechtsleeschtung



D'Majoritéit vun de befroten Employé*een (58,6%) gëtt un, datt d'Pandemie an d'Moosname weder positiv nach negativ Auswierkungen op hir Leeschtungen op der Aarbechtsplaz haten. Mat ronn 24 % dominéiert den Undeel vun deenejéinegen, déi en

Grafik 12: Auswirkung von enger Änderung vom Schoul- oder StudiefORMAT op d'Léieren (12- bis 26-Järeger)



negativen Effet empfanne géintiwwer deenejéinegen, déi positiv Auswierkungen uginn (17,9 %). Bei der Analys vun de schoulesche Leeschtunge weist sech dogéint eng gläichméisseg Verdeelung vun den Aschätzungen. Héi gëtt ronn een Drëttel (33,0 %) vun de Schüler*innen negativ Auswierkungen un, 44 % weder positiv nach negativ Auswierkungen an 23 % positiv Auswierkungen (Grafik 11).

Statistesch signifikant Ënnerscheeder a Bezuch op déi schoulesch Leeschtungen, ginn am Zesammenhang mat dem Alter an dem SES festgestellt. Eeler Schüler*innen an esouer aus Famille mat schwaachem Akommes ginn éischer un, datt sech d'COVID-19-Pandemie an d'Moosnamen negativ op hir schoulesch Leeschtungen auswierken, wéi méi jonk Schüler*innen an esouer aus Famille mat héijem Akommes. Fir d'Dimensioun Leeschtung

op der Aarbechtsplaz goufen änlech Ënnerscheeder no SES, mee net no Alter festgestellt. Statistesch signifikant Ënnerscheeder no Geschlecht a Migratiounshannergrond konnte bei den Auswierkunge vun der COVID-19-Pandemie an de Moosnamen op dës Beräicher net festgestellt ginn.

Weiderhi goufen d'Schüler*innen a Student*innen an der YAC 2021 Erhiewung no der Verännerung vun hire Schoul- a StudiefORMATER¹⁷ duerch d'pandemesch Lag gefrot, an a wéi engem Mooss sech dës Verännerungen op d'Léierexperienz an -dauer ausgewierkt huet.

D'Grafik 12 illustriert, wéi sech eng Verännerung vom Schoul- oder StudiefORMAT no Aschätzung vun de Schüler*innen a Student*innen op hirt Léieren ausgewierkt huet. Deemno gi ronn 73 % vun de befrote

¹⁷ Dëst begräift ënner anerem Online-Coursen, Hybrid-Teaching mat an.

Schüler*innen a Student*innen un, datt sech hire Schoul- oder Studieformat duerch d'COVID-19-Pandemie verännert hätt. Ronn 39 % ginn un, datt si duerch dës Verännerung e bëssen oder vill manner geléiert hunn. Deem géintiwier gi mat ongeféier 17 % manner Schüler*innen a Student*innen un, e bëssen oder vill méi geléiert ze hunn. Ongeféier 18 % vun hinne ginn un, trotz enger Verännerung vum Schoul- oder Studieformat d'selwecht vill geléiert zu hunn.

Fir déi empfonnten Auswierkunge vun der Verännerung vum Schoul- oder Studieformat duerch d'COVID-19-Pandemie op d'Léieren, kënne keng statistesch signifikant Ënnerscheeder no Geschlecht, Alter, Migratiounsstatus oder eegener bzw. familiärer finanzieller Situatioun festgestallt ginn.

284 Schüler*innen a Student*innen (ronn 15 % vun alle befrote Schüler*innen a Student*innen) ginn un, datt sech hire Schoul- a Studienofschloss wéinst der COVID-19-Pandemie verschiebt. Jeeeweils ongeféier een Drëttel vun de betraffene Schüler*innen a Student*innen erwaart eng Verspéidung vun hirem Schoul- oder Studienofschloss ëm 1 bis 5 Méint (33,6 %) oder ëm 6 bis 12 Méint (33,5 %). Ronn 13 % vun de betraffene Schüler*innen a Student*inne ginn esouguer vun enger Verspéidung vu méi wéi engem Joer aus. Déi reschtlech 20 % erwaarden, méi fréi wéi geplangt, ofzeschléissen.

Bei der Verschiebung vum Schoul- oder Studienofschloss, ass et opgrond vun de gerénge Fallzuelen an de virleefegen Donnéeën, net méiglech, zouverlässeg Aussoen zu Ënnerscheeder no Geschlecht, Alter, Migratiounshannergrond oder SES ze treffen.

Resümee

Den aktuelle Rapport bitt eng Beschreibung vun der Situatioun vu jonke Mënschen am Alter vun 12 bis 29 Joer während dem zweete Summer vun der COVID-19-Pandemie zu Lëtzebuerg. Als empiresch Basis déngen déi virleefeg, ponderéiert a representativ Donnéeën vun der YAC 2021 Erhiewung. Folgend zentral Resultater loosse sech zesummeffaassend festhalen:

- Jonk Mënschen zu Lëtzebuerg kommen, wéi schonn am viregte Joer, éischer gutt mat der pandemischer Situatioun zuwee, an et gëtt kaum Verännerungen am Verglach zu 2020. Ëmmer nach schéng méi jonk esou wéi männlech Befroten, Befroten ouni Migratiounshannergrond a Befrote mat héijem sozioekonomeschem Status besser mat der pandemischer Situatioun zuwee ze komme wéi hir Altersgenossen.
- Gläichzäiteg weist sech e statistesch signifikante Réckgang vun de Suergen wéinst der COVID-19-Pandemie bei de jonke Mënsche säit Summer 2020. Dëse Réckgang gëllt fir all Befroten, onofhängeg vu Geschlecht, Alter, Migratiounshannergrond oder SES. Wéi schonn 2020, ginn allerdéngs statistesch signifikant Ënnerscheeder no Geschlecht, Alter a sozioekonomeschem Status (SES) observéiert: weiblech esou wéi eeler Befroten a Befrote mat nidderegem SES sinn deemno méi heefeg (ganz) besuergt op Grond vun der Pandemie.

- Am Verglach zu 2020, fällt de jonke Mënschen d'Befollegen vun de Moosnamen fir d'Andämmen vun der Pandemie an dem Schutz géint COVID-19, am Summer 2021 ëmmer méi schwéier. Dëst ass besonnesch bei eelere Befrote, wéi och bei Befrote mat geréngem SES, de Fall. Trotzdeem fällt et der Majoritéit vun de jonke Mënsche weiderhi (ganz) liicht, d'Moosnamen ze befollegen.
- D'Akzeptanz vun de Moosnamen fir d'Andämmen vun der Pandemie ass nach ëmmer héich, huet allerdéngs säit 2020 ofgehall. 2021 gi méi Befrote un, d'Moosnamen (éischter) iwwerdriwwen ze fannen, wéi nach 2020. Wéi schonn am viregte Joer, gi männlech Befrote méi heefeg un, d'Moosnamen (éischter) iwwerdriwwen ze fanne, wéi weiblech Befrote.
- Den Undeel vun den Netgeimpfte geet erof wat d'Befrote méi al sinn. Well déi ongeimpft 12- bis 17-Järeg eng méi héich Impfbereitschaft uginn, wéi déi ongeimpften 18- bis 29-Järeg, ass d'Potenzial fir en deelweist Ugläichen vun der Impfquot tëschent den Altersgruppen do.
- Eis Resultater weisen ausserdeem, datt et ënner Befrote mat nidderegem SES e méi héijen Undeel un Ongeimpfte gëtt, wéi ënner Befrote mat héijem SES. Och fir jonk Mënsche mat Migratiounshannergrond, weise sech méi héich Undeeler vun Ongeimpfte, wéi bei jonke Mënschen ouni Migratiounshannergrond. Gläichzäiteg gi männlech ongeimpft Persoune an ongeimpft Persoune mat Migratiounshannergrond méi heefeg un, datt si sech (ganz) warscheinlech nach impfe loosse wäerten.
- Befrote, déi scho geimpft sinn oder dëst (ganz) warscheinlech virhunn, ginn als heefegst Grënn hefir un, datt si d'Gesellschaft am Kampf géint d'Pandemie ënnerstëtzen, sech selwer an aner Persoune schützen oder sech duerch d'Impfung méi Fräiheeten a séchert Reesen erméigleche wëllen.
- Befrote, déi net geimpft sinn an dëst (ganz) warscheinlech net virhunn bzw. sech am Besuch op eng Impfung net sécher sinn, ginn als heefegst Grënn un, datt si Zweifel um uerdentleche Testen oder der Wierksamkeet vum Impfstoff hunn, datt si Angscht virun Niewewierkungen hunn oder datt si sech kengem Risikogrupp ugehéiereg fillen, an et dowéinst net fir néideg halen, sech impfen ze loossen.
- Insgesamt observéiere jonk Mënschen zu Lëtzebuerg am heefegsten Auswierkunge vun der Pandemie op hir mental Gesondheet an hiert Liewen insgesamt. Wann all Liewensberäicher am lwwerbléck berücksichtegt ginn, dominéieren negativ Auswierkunge liicht.
- Positiv Auswierkunge vun der COVID-19-Pandemie an de Moosnamen empfangen déi jonk Mënschen zu Lëtzebuerg am heefegsten a Besuch op d'Relatioun zu hirer Famill an d'Zesummeliewen am Stot.
- Befrote, déi an d'Schoul ginn, berichte méi heefeg Auswierkunge vun der Pandemie op hir schoulesch Leeschtungen, wéi Befrote, déi schonn am Aarbechtsweg stinn, Auswierkungen op hir Aarbechtsleeschtung feststellen.

- Ronn dräi Véierel vun de befrote Schüler*innen a Student*inne ginn un, datt sech hiert Schoul- oder Studiefomat duerch d'COVID-19-Pandemie verännert hätt. E Groussdeel vun hinne beschreift, datt si duerch dës Verännerung manner geléiert hunn.

Fazit

D'Resultater vun der YAC 2021 Erhiewung deiten dorop hin, datt et der Majoritéit vun de jonke Mënschen zu Lëtzebuerg weiderhi geléngt, sech mat der COVID-19-Pandemie an de Moosnamen z'arrangéieren. Am Verglach zu 2020 hunn esouwuel d'Suergen wéi och d'Akzeptanz vun de Moosnamen e wéineg ofgehall. Datt och d'Befollegen vun de Moosnamen, an der Tendenz als e bësse méi schwéier bezeechent gëtt, kéint op eng gewëss Pandemiemiddegkeet hiweisen.

Déi aktuell Analysen zur Impfbereitschaft weisen, datt besonnesch déi méi jonk nach ongeimpft Befroten uginn, sech zu engem spéideren Zäitpunkt impfe loossen ze wëllen. Ongeimpft weiblech Befroten a Befroten ouni Migratiounshannergrond oder mat Migratiounshannergrond an zweeter Generatioun gi méi heefeg un, sech net impfe loossen ze wëllen oder sech onsécher ze sinn. Dës Erkenntnes a Kombinatioun mat de Grënn, déi am heefegsten fir eng ausgelosse COVID-19-Impfung ugi goufen, kéint als Basis fir politesch Moosnamen zur Steigerung vun der Impfbereitschaft déngen. Villverspriedend kéinten op Ënnergruppen (méi jonk Jugendlecher, Fraen a Meedercher) moossgeschneidert Opklärungscampagnen iwwer d'COVID-19-Impfung mat Fokus op d'Erklären vun Test-Procedéen a der

Wierkungsweis vun den Impfungen an dem Widerleeën vu méigleche Feelinformatiounen sinn.

Obwuel d'Majoritéit vun de jonke Mënsche keng oder esouguer positiv Auswierkunge vun der COVID-19-Pandemie an de Moosnamen empfennt, bericht e wesentlechen Undeel vun de jonke Mënschen negativ Auswierkungen op hir mental Gesondheet, d'Relatioun mat hire Frënd*innen oder hir Zukunftserwaardungen. Héi gëllt et besonnesch, den identifizéierte Risikogruppen an deene jeeweilige Liewensberäicher, schnell Ënnerstützung a Ressourcen zur Verfügung ze stellen, fir datt si dës empfonnten negativ Auswierkungen augläichen kenne an dës Auswierkungen net bestänneg ginn a sech verstärken.

Literatur

- d'Ambrosio, C., Greiff, S., Ratti, L. & Vögele, C. (2021). *PANDEMIC Research News - August 21: Pandemic Life in Luxembourg in 2021*. Esch-sur-Alzette. University of Luxembourg.
- Dittmann, E., Döbrich, A., Grossart, A., Kühnel, S. & Moos, M. (2021). *Jugend in Zeiten von Corona: Ergebnisse der Jugendbefragung in Rheinland-Pfalz 2021*. Mainz.
- Eurofound. (2021, 9. November). *Impact of COVID-19 on young people in the EU*. <https://www.eurofound.europa.eu/publications/report/2021/impact-of-covid-19-on-young-people-in-the-eu>
- European Centre for Disease Prevention and Control. (2021). *COVID-19 Vaccine Tracker: Luxembourg*. <https://vaccinetracker.ecdc.europa.eu/public/extensions/COVID-19/vaccine-tracker.html#age-group-tab>
- Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg. (2021, 28. Juni). *Start der Einladungen zur COVID-19-Impfung für Jugendliche im Alter von 12 bis 17 Jahren, mit Priorität für die am meisten gefährdeten Personen*. Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg. https://gouvernement.lu/de/actualites/actualites_actualites/communiqués/2021/06-juin/28-invitations-vaccination.html
- Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg - Ministère de la Santé. (2021). *COVID-19-Impfung*. Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg - Ministère de la Santé. Newsletter. http://links.comgouv.lu/nl2/hqz4/59o61.html?m=AM0AAKAjp7wAAchkE_QAAMYBjt0AARpgUwsAnHsWAAgp9gBglW9yDR5awbUnSVunEjGzgly4AgAGzXk&b=d966d966&e=735f9d70&x=x1MiXAFgmgf69ZW1oZ2ExhmDmHdt1CatnPTWRW1C3jg
- Hemlin, E., Eckel, M. & Schultz, M. (August 2021). *Young Adult Perspectives on the COVID-19 Vaccine: Listening Tour Findings* (Young Invincibles). Washington, DC. <https://younginvincibles.org/new-report-young-adult-perspectives-on-the-covid-19-vaccine/>
- Katella, K. (2021, 19. November). *5 Things To Know About the Delta Variant*. <https://www.yalemedicine.org/news/5-things-to-know-delta-variant-covid>
- Leist, A. K., Klee, M., Paccoud, I., Pauly, L., Ghosh, S., Fritz, J., O'Sullivan, M., Rommes, B., Wilmes, P., Krüger, R. & CON-VINCE Consortium. (2021, 11. November). *Which Demographic and Socio-economic Factors are Associated with Vaccination Willingness and Beliefs Towards Vaccination? Rapid report with first results* (CoVaLux).
- Leos-Toro, C., Ribeaud, D., Bechtiger, L., Steinhoff, A., Nivette, A., Murray, A. L., Hepp, U., Quednow, B. B., Eisner, M. P. & Shanahan, L. (2021).

- Attitudes Toward COVID-19 Vaccination Among Young Adults in Zurich, Switzerland, September 2020. *International journal of public health*, 66, Artikel 643486. <https://doi.org/10.3389/ijph.2021.643486>
- Rens, E., Smith, P., Nicaise, P., Lorant, V. & van den Broeck, K. (2021). Mental Distress and Its Contributing Factors Among Young People During the First Wave of COVID-19: A Belgian Survey Study. *Frontiers in psychiatry*, 12, Artikel 575553. <https://doi.org/10.3389/fpsy.2021.575553>
- Residori, C., Schomaker, L., Bulut, H. & Samuel, R. (2021). Young People and Covid-19 II: Entwicklungen 2020 bis 2021, Impfbereitschaft und Auswirkungen der Pandemie: Schlüsseldaten zu den vorläufigen Ergebnissen einer repräsentativen Befragung Jugendlicher und junger Erwachsener in Luxemburg. Esch-sur-Alzette. Université du Luxembourg. <https://doi.org/10.17605/OSF.IO/36HJ2>
- Residori, C., Sozio, M. E., Schomaker, L. & Samuel, R. (2020). YAC – Young People and COVID-19: Preliminary Results of a Representative Survey of Adolescents and Young Adults in Luxembourg. Esch-sur-Alzette. University of Luxembourg.
- Rodríguez-Rey, R., Garrido-Hernansaiz, H. & Collado, S. (2020). Psychological impact of COVID-19 in Spain: Early data report. *Psychological trauma : theory, research, practice and policy*, 12(5), 550–552. <https://doi.org/10.1037/tra0000943>
- Rossi, R., Socci, V., Talevi, D., Mensi, S., Niolu, C., Pacitti, F., Di Marco, A., Rossi, A., Siracusano, A. & Di Lorenzo, G. (2020). COVID-19 Pandemic and Lockdown Measures Impact on Mental Health Among the General Population in Italy. *Frontiers in psychiatry*, 11, Artikel 790. <https://doi.org/10.3389/fpsy.2020.00790>
- Schomaker, L., Residori, C., Sozio, M. E. & Samuel, R. (2020). YAC Young People and COVID-19: Schlüsseldaten zu den vorläufigen Ergebnissen einer repräsentativen Befragung Jugendlicher und junger Erwachsener in Luxemburg. Esch-sur-Alzette. Université du Luxembourg.
- World Health Organization. (2021c). *This dashboard summarizes Officially reported COVID-19 vaccination data: Country Profile Luxembourg*. <https://app.powerbi.com/view?r=eyJrljoiMWNjNzZkNjctZTNiNy00YmMzLTkxZjQtNmJiZDM2MTYxNzEwliwidCI6ImY2MTBjMGI3LWJkMjQtNGIzOS04MTBiLTNkYzI4MGFmYjU5MCIslmMiOjh9>
- World Health Organization. (2021b). *Update on Omicron*. World Health Organization. <https://www.who.int/news/item/28-11-2021-update-on-omicron>

World Health Organization. (2021a). *Public health and social measures (PHSM) in use: PHSM Severity Index: Luxembourg*. World Health Organization.
<https://covid19.who.int/region/euro/country/lu/measures>

World Health Organization. (2021b). *Tracking SARS-CoV-2 variants*. World Health Organization.
<https://www.who.int/en/activities/tracking-SARS-CoV-2-variants/>